

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Jean-Jacques BUTTEL	Pierre ESPEN (entschëllegt)	
Philippe CHENNAUX (President)	José FERNANDES (entschëllegt)	
Marc FRANK	Claude HETTINGER (entschëllegt)	
Jacques HUSS (ab 20h15)	Joske VOSMAN (Vize-President) (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)		
Patrick KRAEMER		
Ambrus PORCSIN		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst.

- Begréissung a Präsenzläscht
- 1. Remarquen zum leschte Rapport
- 2. Tour du Duerf - gemeinsamen Ausfluch
- 3. Ëmweltcharta fir Veräiner - Wéi geet et weider?
- 4. Verschiddenes
- Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 7. Juli 2021 ass ouni Kommentar ugeholl ginn.

Punkt 2 : Tour du Duerf

Wéinst dem kommenden Tour du Duerf, vum 10 bis zum 30 September, hu mir d' Reunioun mat dësem Punkt ugefaang. An der leschter Versammlung hate mir beschloss e gemeinsame Tour ze organiséieren. Et gong drëms een Tour festzeleeën an een Accord ze fannen op nëmmen op der Strooss, mam Mountainbike oder béides. Mir hunn beschloss

zwee Circuiten, Strooss a Bësch unzbedden mat ëm 20 km pro Stréck. An der Versammlung war et schwéier mat Hëllef vum Geoportail um Projekter Tracéën anzezeechen. Mir waren eis awer eens, sou vill wéi méiglech am Perimeter vun der Gemeng ze fueren. De Philippe huet virgeschloen, an den nächsten zwee Deeg, déi entspriechend Circuiten auszeschaffen an se dann un Memberen fir Accord ze schécken.

Ausserdeem ass op Virschlag vum Joske (a Kommunikatioun mam Präsident) festgehal ginn, dat eise Präsident eng **E-Mail un Gemeng an un all Kommissioun's Präsidenten schéckt fir méi e groussen Interessi an domat eng méi héich Participatioun ze garantéieren.**

Den Datum fir déi gemeinsam **Vëlo's Tier** ass **den 19 September**. Startpunkt an Auerzäit ginn am E-Mail nach matgedeelt.

Punkt 3 : Ëmwelt-Charta fir Veräiner-Wéi geet et weider?

Nodeems eis Charta fir d' Veräiner an der Gemengerotssëtzung aus diversen Grënn net approvéeiert gouf, hu mir an der Sëtzung nach eng kéier doriwwer diskutéiert a mir hunn festgehal eise Layout vun der Charta viraussichtlech net z' änneren. D' Grondiddi eng kuerz Charta ze erstellen déi all Veräin ka novollzéien, ass nach ëmmer do. D' Charta soll och nëmmen ee Puzzlestéck vun engem Geflecht aus Reglementer an dem Leitbild sinn. Eventuell kann een eenzel Formuléierungen änneren a Verweiser op déi aner Dokumenter afügen.

Am iwwegeuerdenten Zesammenhang huet de Philipp probéiert an engem Ëmwelt-Flowchart, den hien erstallt huet, d' Ëmwelt Aktivitéiten an eiser Gesellschaft z' erfaassen. Dës Iwwersiicht wéist androcksvoll den Ëmfang vu den Organisatiounen, Veräiner, Aktiounen, an Ufuerderungen un Gemeng an un Gesellschaft am Klima-Politeschen, -Techneschen an -Administrativen Beräich. Dobäi spillt Gemengen-Administratioun eng wesentlech Roll, an den Flowchart verdäitlecht kloer den Aarbechttopwand deen nach virun hinnen läit. Well vill Referenzen nach net existéieren kann een also a Moment nach keng Hiweiser oder Kräizverweiser an Charta androen.

An der Sëtzung gouf Froe gestallt , ob so eng **Charta eng Roll spillt am Klimapakt 2.0**, an de Philipp huet dëst affirméiert. Mir hunn nach eng kéier drun erënnert dat **40% vum viregten Klimapakt mussen bis November am Klimapakt 2.0 ëmgesat ginn** fir ganz vun de Subsiden kënnen ze profitéieren. Zu dem kann een zousätzlech een "Green Event" organiséieren an och d' Subsiden Politik iwwerdenken fir d' Veräiner déi sech un der Ëmwelt-Charta bedeelegen.

Punkt 4 : Divers

Wéi mir den Datum vun der nächster Sëtzung diskutéiert hunn, gouf gefrot déi wéivillt Sëtzung dat fir dëst Joer wier? Hei zur Erënnerung eis Sëtzungen vun dësem Joer: 19 Januar, 22 Mäerz, 18 Mee, 6 Juli an den 6 September, also bis elo 5, an mat dem neien Termin am Oktober zesummen 6.

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung gouf festgeluecht fir de **26 Oktober 2021 um 19h30** an der Koll, weiderhin ofhängeg vun eventuellen Covid Moosnamen.

Unhang:

Flowchart iwwer Verknëppungen vun Moosnamen, Aktivitéiten, Organisatiounen, Reglementatiounen a Virschrëften déi um Landes- a Gemengen-Plang noutwendeg sinn an hëlleflechen sollen fir eis Ëmwelt a eist Klima ze protegéieren, am Interessi vun alle Bierger.

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.